#fir de besch

**BIGS**

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

**association agréée dans la protection de la nature**

# GENERALVERSAMMLUNG

## vum 26. Mäerz 2025

### Eis Brasserie Boulodrome

## 20 h Uerdentlech Generalversammlung

Ordre du Jour:

1. Begréissung a Kontroll vun de Präsenzen resp. vun den Prokuratioune
2. Unhuele vum Ordre du Jour
3. Aktivitéitsbericht vun 2024
4. Finanzbericht vun 2024 (Bilan)
5. Bericht vun de Keessereviseuren
6. Unhuele vun de Berichter an Entlaaschtung vum Conseil d’administration an dem Trésorier
7. Bericht iwwer d’Ännerungen op der Lëscht vun de Membres associés
8. Festleën vun der Cotisatioun fir 2025 an dem Délai fir d’Bezuelen
9. Wal vun zwee Keessereviseur.inn.en
10. Aktivitéiten 2025
11. Présentatioun an Unhuele vum Budget fir 2025
12. Fräi Ausprooch
13. Schlusswuert

# 3. Aktivitéitsbericht 2024

**D’BIGS asbl**

- **ass Member an der Entente des Sociétés vu Suessem**
- **huet 1 Vertrieder an 1 Vertriederin an der Ëmweltkommissioun**
- **huet 1 Vertrieder an 1 Vertriederin am kommunalen Aarbechtsgrupp CONTOURNEMENT (deen awer net méi zesummekomm ass)**

**Avis publics:**

- **2 avis négatifs zum Ausbau vun der KRONOSPAN**
- **Avis zu 3 RGD (Dreckwiss, Natura2000 Zone, défrichement CT)**

# Aktivitéiten no bannen:

- Versammlungen vum Conseil d'administration am présentiel an iwwert Zoom
- Techneschen Aarbechtsgrupp
- Visite des lieux Dreckwiss
- Austausch mam Me Lang

# Aktivitéiten no baussen:

- 1 Infoblad 2024
- 5 Pressecommuniqués
- Interviews op Radio ARA, RTL-Télé, Tageblatt, Wort zu den Themen CONTOURNEMENT an KRONOSPAN

# Participatioun vun eise Membres:

- Grouss Botz
- Nationalfeierdag
- Matgesfest
- Journée commémorative
- Visite vu Kronospan mat der Ëmweltkommissioun

**Entwécklung dossier KRONOSPAN**

Trotz mündlechen Verlautbarungen ginn d'Nuisances wat Geroch, Stëpps a Keméidi uginn leider weider Thema
- Regelméisseg maachen Bierger/innen Plaintes

Trotz den Oplagen vum Environnement ginn déi festgestallten Mängel net behuewen
- An de Rapports d'expertise um Site vum Ëmweltministère ginn, fir 2023, 7 non conformités mineures a 4 non conformités significatives opgezielt – fir 2024 sinn et 3 non conformités mineures an och 3 non conformités significatives wou versprach ginn ass, dass KRONOSPAN déi ging an de virgeschriwwenen Délais behiewen.

LINK zu den rapports d'expertise um Site vum Ëmweltministère :
https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/Autorisations/Etablissements_classes/IED/arretes-ied/autres-activites/kronospan.html

D'Gemengen Suessem an Déifferdeng haten BIOMONITOR beobtragt Miessungen ze erhiewen.
- Eis ass versprach ginn, dass dat regelméisseg soll geschéien an eise Vertieder an der Ëmweltkommissioun soll do mat erugezu ginnn : do musse mer nohaken, dat ass bis elo net geschitt.

KRONOSPAN mecht esou zimmlech wat se well, dat hu mer gesinn, wou se ouni d'Baugenehmegung ofzewuarden einfach drop lass gebaut hunn, mam Argument an Amerika an an Asien gingen d'Baugenehmegungen eréicht nom Bau ugefrot ginn (sic, an dat seet eng Firma déi méi wéi 30 Joer hei zu Lëtzebuerg établéiert ass).

Weider hat KRONOSPAN versprach e groussen Deel vun de Liwwerungen iwwert d’Schinnennetz wëllen ze tätegen. Bis elo ass dat net vill geschitt, an d’Verkéierssituatioun ass elo scho méi wéi problematesch (méi CO2-Emissioune, méi Kaméidi, zousätzlech Stauen,..) an déi wäert elo nom Ausbau nach weider degradéieren.

**Wa KRONOSPAN mam Ausbau fäerdeg ass hu mir hei an eiser Gemeng dee gréissten Betrieb wëltwäit**.

KRONOSPAN hat och versprach, Energie an Hëtzt u Speisenetzer weiderzeleeden. Eng wichteg Fro an Zäite vu Klima- an Energiekris. Bis elo ass dat och just e Verspriechen well de Staat anscheinend do net aktiv gëtt, an eis Gemeng sech dat wahrscheinlech net leeschte kann, fir dat Netz opzebauen. Hei misste mer nohaken.

KRONOSPAN hat och ugekënnegt eng Léierbud anzerichten.

Während der Visite vum aktuelle Site sinn eng partie Froe gestallt ginn wou awer bis elo näischt Konkretes erfollegt ass. D‘BIGS wäert hei um Ball bleiwen!

## Entwécklung dossier Contournement (zënter GV 19.4.2024)

**25.04.2024 Kommuniqué** BIGS/Mouvement Süden/Natur&Ëmwelt Suessem

Mer préiwe gerichtlich Schrëtt géint d'Autorisatioune vum Contournement

**07.05.2024 Bréif un de Gemengerot** virun Ofstëmmung iwwert Recours Gemeng :

Conclusioun: « Wir bitten Sie darum, liebe Gemeinderatsmitglieder, Ihre Entscheidung daran (auszurichten) … **unserer Bevölkerung die restliche Natur in unserer bereits zutiefst von der Industrialisierung, der Urbanisierung und der Straßeninfrastrukturen durchschnittenen Gegend zu erhalten**."

**10.05.2024 Décisioun Gemengerot**

Recours vun der Gemeng: 11 Stëmmen dergéint, 5 derfir (Anen Gaston, Cecchetti Myriam, Goelhausen Marco, Haas Marc, Schammo Mara)

**03.06.2024 Recours en annulation BIGS**

D'BIGS, déi juristesch Perséinlechkeet huet, déposéiert mat 10 betraffene Privatpersoune vu Käerjeng a Suessem, iwwert hiren Affekot e Recours vu 66 Säiten an 268 Punkten.

Kommuniqué dozou vun den 3 Organisatiounen

**12.07.2024 Subsid vum GR un d'BIGS**

« Approbation d'un subside extraordinaire unique de 5.000,- € au profit de la BIGS a.s.b.l »

« Man wolle ihren jahrelangen Einsatz für die Natur, unter anderem gegen die Umgehungsstraße von Käerjeng und Sanem, mit einer finanziellen Hilfe unterstützen" (N.Morgenthaler, Finanzschöffin) (Bericht kuerz & knapp)

**28.10.2024 Communiqué Saint Gobain**
Déi 3 Organisatioune reagéiren op e Wort-Artikel an dem de Mobilitéitsministère ukënnegt, mam Bau vum Contournement unzefänken, och wann Saint-Gobain nach net geplënnert ass.
Déi 3 Organisatioune fuederen, dass op d'mannst d'Baugenehmejung agehale gëtt an deër steet : « le projet présuppose la cessation d'activité et la destruction des constructions ».

**04.11.2024 Mémoire en réponse**
De Staat äntwert op 47 Säiten op de recours iwwert säin Affekot.

**13.12.2024 Question parlementaire Saint Gobain/Hahnebësch**
Behaptung Staat an enger neier Pièce viru Geriicht : wéinst dem Plënnere vu St Gobain misst am Hahnebësch eng Ersatzplaatz fir e neie Betrib geschaafe gin. Dozou eng QP vum D.Wagener, dL. (och: wat geschitt mam Projet wann St Gobain net plënnert?
Äntwert Regirung 21.01.2025 1) wann St.Gobain net giff plënneren (d'Negociatioune wire nach net ofgeschloss), misst e neien APD ausgeschafft gin. 2) D'Ofholzung am Hahnebësch hätt näischt mat St Gobain ze din. Si wir den 11.10.23 autoriséiert ginn (2,11 ha wertvollen 5611-Bësch!).

# 2025

**07.01.2025 Mémoire en réplique**
De Me Lang hëllt fir d'BIGS nach emol Stellung op 53 Säiten an 139 Punkten.
**20.01.2025 Bréif un d'Gemeng Käerjeng no Consultatioun dossier Commodo LUXGUARD** (Festleung Sécherheetsdistanzen): Contournement läit am Sécherheetskorridor! (Emweltminister huet Genehmejung den 12.03.2024 erdeelt ouni Festleung Distanzen ofzewarden, obschon e selwer dono gefrot hat).

**27.01.2025** Nodem mer insistéiert hun (Verwäiss op Jurisprudenzen) huet d'Waasserwirtschaftsamt eis den Dossier **„demande autorisation Waasser"** beim Contournement endlech zougänglech gemeet. Muss nach évaluéiert ginn (Autorisatioun Waasser wert Deel vum Projet sinn).

**Februar/März Nofroen iwwer Hahnebësch**

Informatiounen ugefrot beim Emweltministère an der Gemeng Suessem (de Mobilit.min. huet emol net geäntwert!), aus Äntwerte geet ervir:
-déi Parzell Hahnebësch (iwwer 2 ha!) ass iwwer de „plan directeur zones d'activité" an de PAG Suessem als Industrieterrain eragerutscht (changement partie graphique ouni weider Explikatiounen, vote unanime CC)!
-dowéinst ass et kee Bësch am Sënn vum Bëschgesetz an d'Ofholzung brauch net duerch e RGD autoriséiert ze gin (="zone urbanisée ou destinée à être urbanisée")
-Gemeng huet Prozedur 2023 agehal an huet Décisioun, op eng Impaktstudie bei Reklasséirung PAG ze verzichten, och publizéiert (keng Irregularitéit PAG)
-Awer Autorisatioun 11.10.2023 Emweltministère gouf nach net ausgehangen (ass elo geschitt a leeft bis 5.Mee)

E Recours wier also méiglech, a relativ einfach:
-de Ministère huet bei "espèces particulièrement protégées" alles op mesures d'atténuation (Pléischtermoossname) gesat, a „vergiess" eng Derogatioun (Ausnahmeregelung) vum (Zer)Stéirungsverbuet mat enger „raison impérative d'intérêt public majeur" ze begrënnen.

Wir emol interessant ze gesinn wéi se begrënnen 2 ha wertvolle Bëschhabitater wéinst Ausdehnung vun enger Firma an enger riseger IZ ze begrënnen! Angeblich Extensioun Airtech gët néirens erklärt.
(BIGS huet de Moment keng finanziell Moyens hei selwer recours ze maachen)

**Fixatioun Affär Contournement**

Den **12.02.2025** ass eis Affär op den **16.12.2026** „pour plaidoirie » fixéiert gin, erstaunlicherweis nach virum mémoire en duplique. Mir hun eis reservéiert, nach zousätzleche Mémoire kënnen ze déposéiren, je nodeem wat an deër Äntwert vum Staat steet.

**07.03.2025 Mémoire en duplique**

De Staat hëllt eng läschte Kéier Stellung iwwert de Me Kinsch op 46 Säiten.
Dorënner sin eng Partie nei, kontestabel Argumenter, wéi z.Bsp. dass:
-eng Consultation du public net néideg wir fir d'Begrënnung vum Contournement, mee nëmme fir d'Feststellung vun de Schied
-Bréissel net méi misst gefrot gin fir eng Erweiderung vun der Natura2000-Zone z'accordéiren, dat wir eng reng Kompensatiounsfro

Fro ass gestallt op net nach kann dorop geäntwert ginn (bleift z'ënnersichen, muss awer beim Geriicht gefrot ginn!). Mir wäerten elo beim Ministère nofroen wou d'Prozedur vum RGD iwwer Erweiderung vu Natura-Zone drun ass.
**Evolutioun Projet:** Nach net do ass de **RGD Dreckwiss** an de **RGD Extensioun Natura 2000-Zone** op de Bobësch.
**Neiplantatiounen** Bësch Richtung Suessem hun eises Wëssens och nach net ugefaangen, eng Bedingung fir Ofholzungen. Och nach keen definitive Accord mat **Saint Gobain**. **Wëldbréck** soll am Hierscht ufänken (marché public), laanscht A13 gouf Enn Februar liicht ofgeholzt fir Plaatz ze maachen.

**Wéi elo weider?**

Eis Aktioun steet op ganz zolidde Féiss.

E bahnbrechend Uerteel vum TA Toulouse 27.02.2025 zum Autobunnprojet A69/A680 gët eis indirekt recht:

Et läit bei deem Autobunnprojet a Südfrankräich keng „raison impérative d'intérêt public majeur » fir, seet hei den tribunal administratif deen de Projet gestoppt huet !

Ekonomesch a sozial Argumenter vum Staat, fir de Projet mat enger besserer a méi séirer Zougänglechkeet zum „bassin de Castres" ze begrënnen, sin zwar als „d'utilité publique » unerkannt gin, mee net als « raison impérative d'intérêt public majeur », als déi zwéngend, alternativlos Uersaach, déi eleng et erlabt, europäisch geschützten Natura2000-Zonen a besonnesch geschützten Déirenaarten ze zerstéiren oder ze beeinträchtegen. An dat obschon en Deel vun der Autobunn scho gebaut war !

Et gouf scho Präzedenzfäll a Frankräich, wéi déi vun der Deviatioun vun Beynac an der Dordogne, wou och scho Brécke gebaut waren déi mussen ofgerappt ginn, mee dat hei ass fir d'1. bei engem grousse Projet!

D'BIGS fillt sech also an hirer Démarche bestätigt, an deër och déi juristesch Argumenter do am Virdergronn stinn.

Bei eis gouf emol net versicht ze beweisen, dass d'Verkéiersopkommen déi nei „liaison de proximité" rechtfertegt (wann all Duerchgangsverkéier duerch Käerjeng an Zukunft soll iwwer d'Collectrice goen). Et gëtt et keng Verkéierszielungen! Och hätt de Projet misste frësch opgerullt gin well déi eenzeg zwingend Uersaach (egal wat de Staat elo seet) waren 2016 beim 1.Projet Ofgas-Miessunge déi vun Ufank u falsch waren.

Mer sollten elo fuederen, dass op d’Uerteel gewart get a net ugefaange get mat bauen, fir esou eng Situatioun wéi zu Toulouse ze vermeiden (Geldverschwendung och fir de Staat!). Wann awer ugefaange get (wouvun ee leider de Moment ausgoe muss), da musse mer op e référé setzen wou et awer keen Appel get.

Beim franzéische Projet ass et grousse Widderstand gin, och wann et aus der Lokalpolitik vill Drock fir de Projet gouf.

Bis zu engem Uerteel (Ufank 2027?) bleift vill Zäit déi muss sënnvoll genotzt gin, z.B.:

**-PK mat Dossier Argumentatioun (am Prinzip färdeg)**

**-Flyer mat iwersiichtlechen Argumenter fir Suessem a Käerjeng a Spendenopruff (Sue sinn de „nerf de la guerre »)**

**-Aktivitéiten am Bësch**

**Den techneschen AG tëschent den 3 Organisatiounen an den CA BIGS sollen sech am Détail domat befaassen.**

4. Finanzbericht
5. Bericht vun de Reviseurs



soldes au 01.01.2024

| | |
|---|---|
| CCP | 14.794,74 |
| Raiffeisen CCR | 188,37 |
| Raiffeisen CàV | 1.720,94 |
| caisse espèces | 115,00 |

soldes au 31.12.2024

| | |
|---|---|
| CCP | 0 |
| Raiffeisen CCR | 1.654,52 |
| Raiffeisen CàV | 16.862,48 |
| caisse espèces | 0 |

Résultat de l'exercice 2024 :

**Boni 1.697,95**

Détails Recettes/Dépenses Bilan 2024

| | **RECETTES** | **DEPENSES** |
|---|---|---|
| Membres 2024 | 330,00 | |
| Jetons commission environnement | 561,80 | |
| Subsides communes | 585,37 | |
| Subside extraordinaire | 5.000 | |
| Recettes participation action/commune | 100,00 | |
| Dons | 25.997,67 | |
| Intérêts | 96,54 | |
| ***Frais administratifs*** | | 57,06 |
| Assurance | | 125,28 |
| Frais bancaires | | 37,00 |
| Cotisation entente des sociétés Sanem | | 10,00 |
| ***Frais d'avocat*** | | 30.744,09 |
| TOTAL | 32.671,38 | 30.973,43 |
| **Résultat** | | **1.697,95** |

# 6. Unhuele vun de Berichter an Entlaaschtung vum Conseil d'administration an dem Trésorier



# 7. Changementer Membres associés

1 membre associé huet de Statut geännert an ass elo membre donateur

Aktualiséiert Lëscht vun de membres associés :

| PRENOM | NOM | |
|---|---|---|
| Patrizia | ARENDT | Sanem |
| Denise | BEFFORT | Bascharage |
| Paul | BETTINGER | Sanem |
| Romain | BORRELBACH | Sanem |
| Myriam | CECCHETTI | Sanem |
| Arthur | FEYDER | Bascharage |
| Marco | GOELHAUSEN | Belvaux |
| Marc | HAAS | Soleuvre |
| Irina | HOLZINGER | Belvaux |
| Frédérique | SOMOGYI | Sanem |
| Sandra | KIPCHEN | Sanem |
| Paolo | PANTALEONI | Soleuvre |
| Daniel | SCHMIT | Assel |
| Serge | URBANY | Sanem |

## 8. Festleën vun der Cotisatioun fir 2025 an dem Délai fir d’Bezuelen

**10 €**

**31.12.2025**




## 9. Wal vun zwee Keessereviseur.inn.en

# 10. Aktivitéiten 2025

Eis 2 Suergekanner CONTOURNEMENT a KRONOSPAN wäerten vun eis an eise **Partner dem Mouvement Sud** an der **Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem** weider déi voll Opmierksamkeet fuerderen.

**CONTOURNEMENT**
- Gemeinsam Pressekonferenz mam Dossier „Argumentaire“ (virum Summer 2025)
- Verdeelen vun engem Flyer fir Suessem an Deel vu Käerjeng mat Spendenopruff (Hierscht 2025)
- Presseartikelen, Aktiounen am Bësch (iwwert dat ganz Joer)
- Weider Koordinatioun tëschent BIGS, Mouvement Sud an Natur&Ëmwelt iwwert de Groupe technique
- Weider juristesch Schrëtt wa néideg an opportun
- Weiderhin demande fir u Verkéiersetude Kordall bedeeligt ze ginn

**KRONOSPAN**
- Bréif un d‘Gemeng eis regleméisseg ze gesinn wat de Suivi iwwert d‘Miessungen iwwert BIOMONITOR uginn
- traditionnell huet d‘BIGS 1-2 mol d‘Joer eng Entrevue mam Schäfferot och an der Vergagenheet gehat.
- Weider sammele vun Plaintes vun der Bierger/rinnen.

**Aktiv als Veräin**
- Partizipatioun u groussen Evenementer an eiser Gemeng
- Stand um Zolwermoart (13. Juli) , Matgesfest 4. + 5. Oktober) …

# 11. Présentatioun an Unhuele vum Budget fir 2025

## Prévision Budget 2025

| | RECETTES | DEPENSES | |
|---|---|---|---|
| Membres 2025 | 500,00 | | |
| Jetons commission environnement | 600,00 | | |
| Subside commune | 600,00 | | |
| Recettes participation action/commune | | | |
| Dons | 30.000,00 | | |
| Intérêts | 30,00 | | |
| ***Frais administratifs*** | | 345,00 | |
| RCS/RBE | | | 25,00 |
| Assurance | | | 130,00 |
| Frais  bancaires Raiffeisen | | | 100,00 |
| Payconiq | | | 75,00 |
| Cotisation entente des sociétés Sanem | | | 10,00 |
| ***Frais d'avocat*** | | 30.000,00 | |
| ***Actions rue/Bësch*** | | 1.500,00 | |
| | | | |
| Matgesfeld | 115,00 | | |
| | | | |
| **TOTAL** | 31.845,00 | **31.845,00** | |
| **Résultat** | | **0,00** | |

# Aktuell Finanzlag

soldes au 25.03.2025

| | |
|---|---|
| Raiffeisen CCR | 1.096,86 |
| Raiffeisen CàV | 412,48 |
| caisse espèces | 0,00 |

**Total : 1.509,34**

# Finanziell Belaaschtung am Dossier Contournement

Vun 2019 un bis haut ass déi finanziell Belaaschtung fir d'BIGS enorm gewierscht a wier ouni eis Aktivitéiten an Dons vun private Leit, eise Partner dem MOUVEMENT Sud, der Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem net méiglech gewierscht. Ma mir stoussen un eis Grenzen wat eis finanziell Mëttelen uginn.


100.000 € hu mir am ganzen bis elo fir juristesch Avis, Recours a Référés ausginn.

De Bobësch an d'Natura-2000-Zone si just iwwert de juristesche Wee ze retten.

All Don ass also weiderhi noutwendeg a wëllkomm!

Impacte direct sur la totalité du tracé: 5,18 ha dont 1,87 ha Bobësch et 1,78 ha Natura-2000 Zone Zäemerbësch de chênaies-charmaies précieuses protégées
Impact indirect - effet lisière : 2 x 7 ha 14 ha de nature protégée détruite / Impact indirect concernant la qualité de l'air jusqu'à 300 m

**Contournement de proximité** : longueur 4,2 km / vitesse jusqu'à 90 kmh
**Total surface détruite: 19,18 ha resp. 191.800 m2 = 27,4 terrains de foot !**



**Raison impérative d'intérêt public majeur initiale:**
Valeurs NOX avenue de Luxembourg à Bascharage

**2016 = 40 µg/m3**
**2017 = 38 µg/m3**
**2018 = 42 µg/m3**
**2019 = 38 µg/m3**
**2020 = 29 µg/m3**
**2021 = 27 µg/m3**
**2022 = 25 µg/m3**
**2023 = 20 µg/m3**
**2024 = 17 µg/m3**

"D'Umleitung" duerch de Zoning "op Zämer" ass bis elo nach ëmmer op fir de Bus- an Autoverkéier. Dat ass sënnvoll well d'avenue de Luxembourg esou entlaascht bleift.






De Bobësch bleift !
#fir de besch



12. Fraï Ausssprooch
13. Schlusswuert

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

Merci fir den Interessi an d'Nolauschteren !

Bleift weider kämpferesch an ënnerstëtzt d'Ëmweltoganisatiounen!

Gidd Deel vum Widderstand !
#firdeBësch #keeContournement

**CCRALULL IBAN LU63 0090 0000 7355 2416**

**Solidaritéit – DON**